

Nun, mir hun dës Positioun nët mam Staatsrot gedeelt, well mir mengen, et misst een dach ëmmerhin d'Kapitelsiwwerschrëften och conforme zum Contenu vun den Artikelen halen. De Staatsrot huet keng genügend Noutwendegkeet an dësem Schrëtt gesinn. D'Kommissioun wëllt awer op d'Rigiditéit vun onser Verfassung hiweisen an op hire Wëllen, den Intitulé vum Kapitel 1 en concordance mam Artikel 1 séngem Contenu ze setzen.

Dës Vuën, déi de Conseil d'Etat hat, sin nët vun der Kommissioun gedeelt gin. Mir hun nämlech an onsem Rapport bemierkt, datt den Titre premier vun der belscher Verfassung seet: "De la Belgique fédérale, de ses composantes et de son territoire". Och den Terme "fédéral" begräift eng politesch a geographesch Notioun. Mir stellen also an der Verfassung vun onse belschen Noperen eng Analogie fest mat deem, wat mir och an eis Verfassung wëllen aschreiwen. Allerdéngs, den Artikel 1 vun onser Verfassung as deen eenzegen Artikel, dee vum Stat mat séngen zwou Notiounen schwätzt, während déi Artikelen dono den Terme "Etat" jhust ënnert sénger politescher Notioun verstinn.

Well mir awer proposéieren, am Intitulé vum Kapitel 1 ze soen, "De l'Etat, de son territoire et du Grand-Duc", besteet iwwerhaupt keen Zweifel, datt mir den Etat am Artikel 1 weiderhi mat denen zwou Notiounen vum Territoire an der Entité politique verstinn. Dofir hu mir bewosst "de son territoire" an nët einfach "du territoire" geschriwwen, well "son", wat jo en Adjectif possessif as, en direkte Lien hirstellt tëschent den Termen "Etat" an "territoire". Esou kënnt eng méi grouss Kohärenz, wat d'Benotzung vum Terme "Etat" ugeet, an ons Verfassung eran, well jo - wéi schons bemierkt - den Terme "Etat" an alle Kapitele jhust als "entité politique" verstane gët.

Ausserdem gin och d'Lienën, déi tëschent den eenzelne Kapiteln an Artikelen vun der Verfassung enstinn, duech dës Modifikatioun kengeswegs beaflosst. Doduerch wëllt Iech d'Kommissioun proposéieren den Intitulé vum Kapitel 1 an dësem Sënn ofzeänneren.

D'Kommissioun huet finalmente proposéiert, den Terme "forme" duerch "est" ze ersetzen. An eiser Verfassung steet "le Grand-Duché de Luxembourg forme un Etat indivisible, libre et (...)" - neierdéngs och - "(...) démocratique". "Est" as an eisen Aë méi prezis, an och méi e klaren a méi e staarken Terme wéi "forme".

Dësweidere gët et och aner Verfassungen, déi den Terme "est" am selwechte Kontext benotzen. Esou zum Beispill heescht et am Artikel 2 vun der franséischer Verfassung: "La France est une République indivisible, laïque, démocratique et sociale".

An der belscher Verfassung steet am Artikel 1 dat selwecht: "La Belgique est un Etat fédéral qui se compose des Communautés et des Régions."

Mir sin der Meinung gewiescht, datt, wann ee "forme" seet, een dorun eng Connotatioun vun "avoir le statut" drun hänkt. Am Traité vu London vun 1867 steet nämlech: "Le Grand-Duché de Luxembourg formera désormais un Etat perpétuellement neutre. Ce principe est et demeure sous la garantie collective des Puissances signataires du prescrit traité."

Deemools krut Lëtzebuerg de Statut vun der éiweger Neutralitéit. Haut huet Lëtzebuerg awer nët jhust nëmmen de Statut vun enger Demokratie, vun engem fräien, onof-

hängegen an ondeelbare Stat, mä Lëtzebuerg as ganz einfach e Stat, deen demokratesch, fräi, onofhängeg an ondeelbar as. Dat as eng Realitéit, un där haut wuel kee méi zweifelt, an dofir proposéiert Iech d'Kommissioun, den Terme "forme" duerch de Qualificatif "est" ze ersetzen. Och de Conseil d'Etat huet dat esou a séngem Avis complémentaire gesinn.

Compte tenu vun dësen Observatiounen proposéiert d'Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle der Châmbre, de Projet de révision 3895 wéi folgt unzehuelen.

Den Intitulé vum Kapitel 1 vun der Verfassung kritt folgend Teneur:

"Chapitre 1er: De l'Etat, de son territoire et du Grand-Duc".

Den Artikel 1 liest sech an Zukunft folgendermoossen:

"Le Grand-Duché de Luxembourg est un Etat démocratique, libre, indépendant et indivisible".

Ech soen Iech merci.

M. le Président. - D'Wuert huet elo den honorablen Här Luc Frieden, Rapporteur iwwer d'Revisioun vun den Artikelen 4 an 33 vun der Verfassung.

3. Projet de révision 3922 de l'article 4 de la Constitution

Projet de révision 3908 de l'article 33 de la Constitution

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

M. Luc Frieden (CSV), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Härren. Wéi d'Institutionenkommissioun am Summer 1994 an dëser Kompositioun zesummegetrueden as, hu mer gemeinsam ofgemaacht, fir um institutionelle Plang zwee Ziler an dëser Legislaturperiod ze verfolgen.

Dat éischt war, de Rechtsstat zu Lëtzebuerg ze konsolidéieren, an dat zweet war, déi institutionell Dispositiounen vun der Verfassung un d'politesch Realitéit an eisem Land unzepassen.

Wat dat éischt Zil vum Rechtsstat ubelaangt, esou hu mer dat d'lescht Jor op zwee wesentleche Punkte gemaacht, an och mäi Virriedner as kuurz drop agaangen, andeem mer eis engersäits déi juristesche Mechanisme gin hun, fir datt d'Gesetzer a Konformitéit sti mat eiser Verfassung, duerch d'Schafe vun engem Verfassungsgericht, an anerersäits, datt d'Reglementer an d'Verwaltungsentschedungen konform si mat de Gesetzer, an dofir hu mer onofhängeg, duerch Beruffsrichter besate Verwaltungsgerichter mat zwou Instanzen op d'Bee gesat. Dat ware wesentlech Verfassungsännerungen. Déi éischte Kéier an dësem Jorhonnert hu mer domat nei Institutionen zu Lëtzebuerg geschaaft.

D'Dispositiounen, déi haut zur Revisioun ustin, an notament déi, wou ech d'Éier hun, d'Rapporen ze maachen, d'Artikelen 4 an 33, betreffen dat zweet Objekt, dat mer eis gin haten, fir déi institutionell Dispositiounen vun eiser Verfassung ze änneren, wéi ech virdu gesot hun, fir se un d'politesch Realitéiten an eisem Land unzepassen.

D'Artikelen 4 an 33 betreffen deen héchste Personnage an eisem Stat, de Grand-Duc, eise Staatschef. Mir konnten,

wéi mer déi Aarbechten ugefaangen hun an dëser Kommissioun, eis op déi gutt Viraarbecht vun der viregter Commission des Institutions baséieren, wou en Deel vun lech Member waren, Kommissioun, déi présidéiert gin as vum honorablen Här Georges Margue.

Den Artikel 4 vun der Verfassung, a senger aktueller Terminologie, gesäit vir, datt d'Persoun vum Grand-Duc "sacrée et inviolable" as. Déi viregt Kommissioun, an dës Kommissioun huet déi Menung gedeelt, war der Menung, datt d'Verfassung e juristeschen Text as, deen héchste juristeschen Text am Land, an datt déi Dispositiounen, déi do dra stin, sech nëmme sollte limitéieren op juristesche Konzepter. D'Kommissioun huet och festgestallt, datt deen Terme "sacré" keng Daseinsberechtigung méi hätt an deem Sënn, datt kee Sacre zu Lëtzebuerg besteet an och ni bestanen huet, wann de Grand-Duc op den Troun kënnt, respektiv datt kee Pouvoir religieux ou civil mat deem Terme verbonnen as.

Mir hu festgestallt, datt verschidden Auteuren, an ech denke besonnesch un de Pierre Majerus, deen den "Etat luxembourgeois" geschriwwen huet, dat eenzegt Referenzwierk am Fong an der Matière vum Droit constitutionnel luxembourgeois, der Menung sin, datt een deen Terme "sacré" misst a Verbindung setze mat den Dispositiounen am Code pénal, déi eng speziell Protektioun fir de Grand-Duc virgesinn, déi extra Strofe virgesinn, wann een en Attentat géint de Staatschef mécht.

Déi Menung muss een nët onbedéngt delen. Déi Dispositiounen si wichteg, mä si brauchen nët dësen Terme an der Verfassung als juristesche konstitutionell Basis, fir ze existéieren.

D'Kommissioun war dofir eestëmmeg der Menung, grad esou wéi déi Kommissioun virdrun, datt een dësen Terme kennt sträichen.

Vill méi wichteg as et selbstverständlech an engem Stat, datt d'Persoun vum Staatschef "inviolable" as. Dat gëlt an enger konstitutioneller Monarchie grad esou wéi iwwerengs an enger Republik, an dës Dispositioun fënt een dofir a ville Länner erëm. Dës Onverletzlechkeet betrëfft esouwuel de strofrechtlechen, den zivilrechtlechen, wéi de politesche Plang.

Mir wëssen, dass um strofrechtleche Plang de Staatschef, de Grand-Duc an dësem Fall, viru kee Geriicht kann zitéiert gin, a souwuel fir séng Akten aus dem Privatliwen, wéi séng Akten, déi en a senger Fonktioun mécht, nët strofbar as.

Um zivilrechtleche Plang as eng Astuce fond gi bei eis an och an den Nopeschlänner, nämlech déi, datt de President vun der Administration des Biens vum Grand-Duc ka virun d'Geriicht zitéiert gin, fir esou dem Problem vun der Inviolabilitéit vum Staatschef entgéintzetrieden, oder eng Méiglechkeet ze fannen, awer déi Leit ze dédomagéieren, wou e Problem vun ziviler Responsabilitéit vum Staatschef kënnt entstoën.

D'Iddi as ëmmer déi selwecht, souwuel um strofrechtlechen, wéi um zivile Plang, nämlech déi, dass d'Persoun vum Staatschef nët kann duerch eng Rei Gerichtsaktiounen an d'Wackele bruecht gin, well de Staatschef deen as, deen d'Stabilitéit an d'Permanence vun den Institutionen am Land muss garantéieren.

D'Irresponsabilitéit, d'Inviolabilitéit vum Grand-Duc bezitt sech natierlech och op de politesche Plang, an dofir muss jo och all juristeschen Akt vum Groussherzog mat

ënnerschriwwen gi vun engem Minister, dee politesch responsabel as virun dëser Châmber fir déi Akten, déi de Staatschef am Pouvoir exécutif setzt.

D'Inviolabilitéit as e wichtige Kritär, fir d'Fonktioun vum Staatschef ze schützen, an et as dofir, wou d'Kommissioun déi nei Versioun vum Artikel 4 proposéiert huet, nämlech déi, datt d'Persoun vum Grand-Duc "inviolable", also onverletzlech as.

Ech hun elo grad gesot, wéi wichteg et as, dës Fonktioun vum Staatschef ze protégéieren an och Dispositiounen wéi déi vum Artikel 4 anzeschreiwen.

Jo, de Grand-Duc as an eise Land eng Schlësselfigur an dem institutionellen Zesummespill. Et as dofir ëmsou méi erstaunlech, datt séng Fonktioun als Staatschef bis haut nët an der Verfassung festgeschriwwen gin as.

Mir wëssen, datt de Grand-Duc Deel as vum legislative Pouvoir, wat sech notament duerch konkretiséiert, datt hien den Droit d'initiative huet, zesumme mat eis, der Châmber, déi och ka Gesetzesvirlagen op den Instanzwee gin, an de Grand-Duc selbstverständlech sanktionéiert d'Gesetzer, wa se vun der Châmber gestëmmt gi sin, innerhalb vun engem Délai vun dräi Méint, nodeem dës Châmber d'Gesetzer gestëmmt huet, respektiv d'Dispens vum zwete Vote accordéiert huet.

Dës Dispositiounen sin do, fir de Grand-Duc um legislative Pouvoir deelhuelen ze loossen, mä zugläich, wéi ech gesot hun, dass et eng Schlësselroll as vum institutionelle System zu Lëtzebuerg, as et och de Chef vum exekutive Pouvoir.

Den Artikel 33 vun eiser Verfassung, dee mer hei zur Revisioun virleien hun, betrëfft genee den exekutive Pouvoir, wou fir de Moment drasteet, datt de Grand-Duc eleng den exekutive Pouvoir exercéiert.

Eng Rei Leit, déi vläicht d'Lëtzebuurger Land oder d'Lëtzebuurger politesch Realitéit nët gutt kennen, hun doraus gelies, datt mir zu Lëtzebuerg ënnert enger Zort vu Monarchie absolue géinge liewen. Näischt as selbstverständlech méi falsch wéi dat, well nët nëmme - an den Här Rippinger huet et virdrun am Kontext vum Artikel 1 gesot - si mir en demokratescht Land, well mir wëssen dach, dass de souveräne Pouvoir an den Hänn vun der Natioun läit. Den Artikel 32 vun der Verfassung seet dat ganz klor. An den Artikel 32, Alinéa 3 seet eis ganz klor, datt de Grand-Duc nëmme déi Pouvoiren huet, déi d'Verfassung an d'Gesetzer vum Land him accordéieren.

D'Verfassung gëtt vun der Constituante gestëmmt, a vu kengem aneren. Et as och dobäi d'Lëtzebuurger Vollek, dat um Ufank vum Jorhonnert an engem Referendum, niewent der Verfassung, nach eng Kéier säin Attachement un d'Monarchie constitutionnelle dokumentéiert huet.

D'Fonktioun vum Grand-Duc, un der Spëtzt vum exekutive Pouvoir, huet eng ganz Rei praktesch Auswierkungen. Esou as et zum Beispill de Grand-Duc, deen d'Regierung ernennt, deen d'Regierung organiséiert. Et as de Grand-Duc, deen de Pouvoir huet, d'Châmber opzeléisen, selbstverständlech mat der Obligatioun, fir datt duerno Neiwale stattfannen. Et as de Grand-Duc, deen de Pouvoir réglementaire huet, fir allgemeng Bestëmmungen an Exekutioun vun de Gesetzer ze huelen. Et as och de Grand-Duc, deen de Pouvoir huet, Traitéen ze maachen nom Artikel 37 vun eiser Verfassung.

Alles dat mécht de Grand-Duc am Numm vum exekutive Pouvoir.

Selbstverständlech mécht de Grand-Duc dat nët eleng. De Grand-Duc mécht dat - an dofir muss een ëmmer déi Artikelen all zesumme liesen, an nëmmen deen, dee bis elo eleng den Artikel 33 gelies huet, konnt iergeféiert gin - an Zesummenaarbecht mat sänge Ministeren, well den Artikel 45 vun der Verfassung seet ganz klor, datt all juristeschen Akt vun engem Minister muss contresignéiert gin. Ech hun et scho virdru gesot: et sin d'Ministeren, déi virum Parlament, dat vum Vollek gewielt gin as, politesch responsabel sin.

Déi viregt Kommissioun hat dofir an enger Proposition de révision virgeschloen, fir festzehalen, datt de Grand-Duc an d'Regierung den exekutive Pouvoir ausféieren. Dës Kommissioun war der Meinung, och op Grond vum Avis vum Conseil d'Etat, datt dat juristisch falsch wär.

Wann ech virdrun nach eng Kéier rappeléiert hun, datt de Grand-Duc sech mat der Châmbre de Pouvoir législatif deelt, esou as de Pouvoir exécutif eenzeg an indivisible. D'Regierung ënnersteet dem Grand-Duc. D'Ministeren an de Grand-Duc sin nët an enger Relatioun vun Onofhängegkeet, mä si agéieren eben zesummen duerch déi gemeinsam Ennerschrëften, déi se ënnert de Gesetzestext setzen.

Well een awer nët wollt d'Leit, déi sech nët an dene Matière esou auskennen, ierféieren, a well dee Saz "le Grand-Duc exerce seul le pouvoir exécutif" kënnt zu enger falscher Interpretatioun a Konklusioun féieren, proposéiert dofir d'Kommissioun vun den Institutiounen, fir ze schreiwen, datt de Grand-Duc den exekutive Pouvoir exercéiert, geméiss der Verfassung an de Gesetzer vum Land. Domadder as also Referenz gemaacht notamment op den Artikel 45, dee sech op de Contreseeing ministériel bezitt.

Méi wichteg awer nach schénkt et eis, d'Roll vum Staatschef an der Verfassung ze verankeren, wat wéi gesot bis haut erstaunlecherweis nët de Fall war. Mir wëssen dach all, datt de Staatschef eng besonnesch Roll huet an engem Land, well et as hien, deen d'Unitéit vum Land, séng Identitéit symboliséiert, deen och d'Permanence vun den Institutiounen duerstellt, an dat as vläicht nach méi de Fall an enger konstitutioneller Monarchie wéi an enger Republik, eben doduerch, datt de Staatschef fir eng länger Zäit um Pouvoir as, vill méi laang wéi déi gewielten oder déi ernannten Organer an engem Stat.

Et as dës Permanence, déi am Fong d'Fonktioun vum Staatschef ausmécht. Hien as de Garant vun den Institutiounen. Hien as den Arbitter a schwirege Krisesituatiounen. En as och den Arbitter a Situatiounen, wou grad deen, deen d'Institutione représentéiert, muss agräifen, an dat stelle mer zum Beispill fest, wann Neiweale waren, an de Grand-Duc désignéiert de Formateur vun enger neier Regierung an ernennt duerno de Premierminister.

Dës Roll vum Staatschef muss eiser Meinung no eng Verankerung an der Verfassung fannen, an et as am Fong näischt anescht, wat mer hei maachen, wéi eng Traduktioun vun där Maxime, déi et laang Zäit gin as a Frankräich ënnert der Monarchie. Déi Maxime heescht: "Le Roi règne, mais ne gouverne pas".

Ech mengen, och zu Lëtzebuerg kann ee soen, "le Grand-Duc règne, mais ne gouverne pas", an et as dat, wat mir wollten am Artikel 33 vun der Verfassung aschreiwen,

mat folgendem Text: "De Grand-Duc as de Staatschef, hien as d'Symbol vun der Eenheet an de Garant vun der nationaler Onofhängegkeet". An am zweten Deel vun deem Artikel 33 géinge mer dann dee Saz schreiwen, deen ech iech virdru scho genannt hun, datt en den exekutive Pouvoir exercéiert, geméiss der Verfassung an de Gesetzer vum Land.

Ech mengen, déi Ännerungen, déi mer hei maachen, änneren näischt um institutionellen Equilibre vun eise Land. Dat war och nët de Wëlle vun der Kommissioun. De Wëlle vun der Kommissioun beim Artikel 4 a beim Artikel 33 war eben deen, eis Verfassung der politescher Realitéit unzepassen a ganz klor an der Verfassung festzeschreiwen, wat déi wichteg Roll vum Grand-Duc un der Spëtzt vun eise Land as.

Dofir géing ech iech am Numm vun der Kommissioun vun den Institutiounen an der Verfassungsännerung bidden, dës zwee Artikelen an där proposéierter Form unzehuelen.

Ech soen iech merci.

M. le Président. - D'Wuert huet elo den honorablen Här Jean Asselborn, Rapporteur iwwer d'Revisioun vun den Artikelen 73 an 80 vun eiser Verfassung.

4. Projet de révision 3912 de l'article 73 de la Constitution

Projet de révision 3913 de l'article 80 de la Constitution

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

M. Jean Asselborn (LSAP), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech fänken u mam Artikel 73 vun der Verfassung. Do steet haut dran: "Le Grand-Duc peut ajourner la Chambre. Toutefois l'ajournement ne peut excéder le terme d'un mois, ni être renouvelé dans la même session, sans l'assentiment de la Chambre".

Mir hun eestëmmeg gemengt an der Institutionenkommissioun, et wir gutt, der Châmbre ze proposéieren, fir deen Artikel 73 an der Verfassung ze sträichen.

Wann een elo eis konstitutionell Geschicht kuckt, da gesäit een, dass eigentlech prinzipiell um Fong vun deem Artikel nët vill Evolutiounen agetruede sin. Schon 1841 stoung dran: "Le Roi Grand-Duc peut ajourner et dissoudre les Etats".

1848 as du praktesch dee selwechten Text ageschriwwen, deen elo nach besteet: "Le Roi Grand-Duc peut ajourner la Chambre. Toutefois l'ajournement ne peut excéder le terme d'un mois, ni être renouvelé dans la même session, sans l'assentiment de la Chambre".

1856 as den Text bliwwen an 1868 och.

Et muss een och wëssen, dass 1848, wéi den Text ageschriwwen gin as, dat nët ganz schwéier war, fir deen Text ze fannen, well mir hun e radikal bei der Belsch ofgeschriwwen.

Wann een elo d'Doktrin kuckt vun där Prérogative vum Chef d'Etat, da gesäit een, dass an der Belsch eng zimlech simplistescht besteet. Do si Leit, déi mengen, notamment den Thonissen huet schon 1876 gesot, wann de Chef d'Etat d'Recht huet, fir d'Châmbre opzeléisen, da muss en d'autant plus à plus forte raison och de Pouvoir hun, fir ze